## 25.01.1987 : 3. Generalversammlung

*De Bericht an d'«Wort» hu mer selwer geschriwwen, dofir sief hien hei als Résumé bruecht :*

### « Wiisser Leit » a.s.b.l.

Viru kuerzem haten sech an der Schoul zu Altwis eng 70 Leit afond fir d'Generalversammlung vun der « Wiisser Leit ». De President Gérard Hein konnt ënnert hinnen eng Rei Autoritéite begréissen, ë.a. d'Hären Arsène Weicker a Lucien Wies, Scheffe vun der Gemeng Munnerëf, verschidde Gemengeréit, den Här Claude Kintziger, Direkter vum Staatsbad Munnerëf, den Här Paschtouer Aloyse Bellwald, d'Vertrieder vum Syndicat d'initiative vu Munnerëf a vun de lokale Veräiner. Hien huet alle Leit merci gesot, speziell deenen 160 Membren, resp. Éiremembren, déi am Laf vum leschte Joer de Veräin ënnerstëtzt hunn. Besonnesch frou war hien, dass Altwis am nationale Concours « Villes et villages fleuris » en drëtte Präiss an der Catégorie 1, Muselgéigend, kritt huet an dat gläich am zweete Joer vum Bestoen vun de « Wiisser Leit ».

De Sekretär Fernand Tremuth huet dann de Bilan gemat vun den Aktivitéiten 1986. Déi wichtegst Punkten waren eng Blummenaktioun, eng Botzaktioun, en Duerffest, e Grillfest, en Trëppeltour iwwert den Altwiisser Bann, e Conveniat vun de Schoulkomeroden aus de Joergäng 1945-1955, Kleesechesfeier an Éirung vun deenen eelsten Awunner aus dem Duerf. Besonnesch ervirhiewen kann een awer och d'Organiséieren vun zwee Theaterowender, déi e ganz grousse Succès kannt hunn, mat der Opféierung vum Fernand Raach sengem lëschtegen Dräiakter « Dräi onglécklech Männer ». Domat gouf eng al Altwiisser Traditioun erëm frësch opliewe gelooss. Am Ganzen hat de Veräin eng 31 Aktivitéiten virzeweisen.

Och dem Caissier René Putz säi Bilan iwwert d'Finanze vun de « Wiisser Leit » ass ganz positiv ausgefall, sou dass de Comité 1987 d'Méiglechkeet huet, seng Aktiounen an deem Mooss virunzeféieren, wéi se schon 1986 gelaf sinn, an esou guer nah auszebauen. Och un eng finanziell Ënnerstëtzung bei der Blummenaktioun '87 gouf dobäi geduecht.

Nodeems d'Caisserevisoren Romain Frantz a Jean Mertes hire Bericht iwwert d'Préiwe vun de Veräinsbicher ofginn haten, koum et dann zu enger Deelerneierung vum Comité. Demissionnéiert hunn de Gérard Demany an de Marco Steichen, während Françoise Stephany hire Wunnsëtz gewiesselt huet. Nei opgeholl gouf de Patrick Hermes. Als neie Caisserevisor gouf de Fred Barthels bestëmmt, deen d'Plaz vum Jean Mertes iwwerhëlt.

Vum Programm '87, deen de Sektretär virgedroen huet, siewen nëmmen dräi vun deene wichtegste Punkte festgehalen : Den 29. März ass e gemittlechen Nomëtteg geplangt mat engem Virdrag vum Här Georges Calteux vum Service

des Sites et Monuments, den 28. Juni gët d'Duerffest ofgehalen, an am Laf vum Joer soll och d'Dresch méi schéin amenagéiert an déi nei Nicolas-Greeff-Stroos ageweit ginn.

Nodeems en Éirewäin zerwéiert gouf, konnten d'Leit all Aktivitéiten vum Veräin aus dem Joer '86 nach eng Kéier materliewen, wéi eng Serie Diaën doriwwer virgefouert goufen.

D'Schlusswuert huet als Vertrieder vum Schefferot vun der Gemeng den Här Arsène Weicker gehalen. Hien huet d' »Wiisser Leit » felicitéiert fir hier Aktivitéiten am leschte Joer, hien huet si och encouragéiert, an deer Richtung virunzefueren, déi si ageschloen hunn. Och nei Ideeën huet hie virbruecht, déi an Zesummenaarbecht mat der Gemeng kënne realiséiert ginn.

Fir 1987 setzt de Comité vun de « Wiisser Leit » sech esou zesummen : Gérard Hein, President ; Jos. Braun, Vizepresident ; Fernand Tremuth, Sekretär ; René Putz, Caissier ; Jean Berscheid, Patrick Hermes, Michel Maeder, Marie-Jeanne Meyer, Marco Putz, Michel Raguet, Jean-Paul Renckens, Catherine Roger, Jeff Schmit, Marlène Schmit, Marcely Stark, Diane Steichen, Arsène Wies, René Zambon a Gilbert Zepp, Memberen.